ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 04. November 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An enger Dageszeitung war e Samschdeg eng Statistik opgefouert iwwert d'Abréch am Land. Si bezitt sech op Informatiounen, déi si vun der offizieller Presseplaz vun der Police kréien. Dës Statistik, déi hei publizéiert war, schéngt awer net der Realitéit ze entspriechen. Laut verschiddene Quelle waren am Klierfer Kanton wesentlech méi Abréch, wéi hei an der Statistik opgefouert goufen.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Policeminister stellen:

1. Ass déi genannte Statistik komplett?
2. Opgrond vu wat fir enger Basis gëtt dës Statistik opgestallt?
3. Firwat ginn eventuell net all Abréch vun der Police publizéiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique